ChaosMeeting 2019/14

Date	16/09/2019
Time	20:00
Location	ChaosStuff
Location Opening	~17:00
Administrative Council Attendees:	deflenken,metalgamer, virii
Minutes Recording	deflenken

Agenda

- Registre des Bénéficiaires - deflenken
- Policedossier - virii
- RDV mam Här Braum - deflenken
- ILNAS - deflenken
- Aktivitéiten 2019 - deflenken
- BPM Adress - deflenken
- Hack.lu 2019 - fantawams
- Gedrenks - fantawams

Minutes

Registre des Bénéficiaires

Mir hunn eis do registréiert. D'offiziell Dokument gouf erausgeprint an leit am Classeur.

Policedossier

Mir wëllen eis Websäit esou änneren dass een och kann eng Mail schécken fir seng Donnéeën unzefroen déi am Schengen Informatioun System dran stinn. Mir schwätzen eis mam staybehind of.

RDV mam Här Braum

De deflenken freet op den Här Braum eng Kéier am Oktober oder am November Méindes owes Zäit hätt laanscht ze kommen.

ILNAS

Nächst Woch um Meetup kucken mer zesummen déi Demande ze schreiwen. Den deflenken huet Problemer dat ferdeg ze brengen.

Aktivitéiten 2019

Den metalgamer well Social Events weider oprecht erhalen. Mir wëllen weider un eisen Projeten schaffen. Een bëssen Aktivismus dierf net feelen an Punkto Virratsdatespeicherung, CCTV asou weider. Mir schwätzen dat awer nach eng Kéier am groussen Krees un.

BPM Adress

De virii relancéiert dat ganzt nach eng Kéier vu que dass mer nach keng Äntwert kruten.

Hack.Lu 2019

- hack.lu 2019

Mir kafen een puer Snowden Bicher op Englesch. Sou +- 6 Stéck! Sos kafen mer ausser dem Gedrénks neicht well mer sos keng Suen hunn. Mir wëllen den Jabel mathuelen an deen bis dann fäerdeg hunn!

- Ticket 214 Hackerspace Flyer

```
Kréien mer net hin bis dohinner.

* [[https://rt.c3l.lu/Ticket/Display.html?id=472|Ticket 472 T-shirt]]
```

Mir waarden domadder nach well mer a) net genuch Suen hunn an b) dat nach eng Kéier am Detail kucken.

- Ticket 218 FF Flyer op eng

```
Dat loossen mer sinn mir hunn dofir am Moment keng Suen.
```

Gedrenks

Ticket 494

De fantawams krut den go. Den virii schreift d'Rechnungen direkt. Den Ruppert soll nëmmen op eng Platz liwweren an zwar bei eis dat anert geet ze komplizéiert.

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=lb:organization:chaosmeetings:2019:cm-2019-14&rev=1568660428

Last update: **2019/09/16 21:00**